



MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

An do brauch ech d'Fro net ze stellen, ob mer eng Dispens vum zweete Vote ginn, well dat do eleng an eisen Hänn läit.

Domat ass also d'Ännerung vum Reglement ugehall a mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, wou mer eis erëm mat eise Reglement ausenanersetzen, wou mer en Ännerungsvorschlag vun eise Chambersreglement maachen, fir d'Rechter vun de Sensibilités politiques ze erweideren. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An, ongewinnt an där Missioun, d'Wuert huet den honorabele Rapporteur, den Här Gast Gibéryen.

7. 6644 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux droits des sensibilités politiques et des députés

Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Gast Gibéryen** (ADR), rapporteur.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech si frou, Rapporteur ze si vun enger Rei vun Ännerungen an eise Chambersreglement, wou vill méi eng grouss Zoustëmmung ass, wéi dat bei deem Projet virdru war.

(Brouhaha)

► **Une voix.**- Da waarde mer emol of!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR), rapporteur.- D'Kommissioun proposéiert, néng Ännerungen un eise Reglement virzehuelen, Ännerungen, déi am Fong op eng Initiativ opgrond vu Propositionen, déi vun der neier politescher Majoritéit hei an der Chamber ausgaange sinn, zréckginn, an och vu Propositionen, déi vun anere Parteien erakomm sinn.

D'Haaptzil vun dese Reformen ass, de politesche Sensibilitéit méi Méiglechkeeten ze ginn, fir hirer politescher Aarbecht kënne méi gerecht ze ginn, souwéi méi generell Ofännerunge vun eise Reglement. Ech géif versichen, a geraffter Form déi néng Ännerungen duerzehuelen, esou wéi se an deser Proposition sinn.

Den Artikel 1 vun eise Propositionen hält fest, datt den Artikel 19, dee sech am Fong mat der Zesummesetzung vun de Chamberskommissionen befaasst, datt deen ofgeännert gëtt. Bis elo war et esou, datt all Deputéierte konnt als Observateur an egal wat fir enger Chamberskommission deelhuele.

Dat bleift och esou bestoen, mä et kënnt nei derbäi, datt déi Sensibilitéit politique, déi net en effektive Member an enger vun eise parlamentaresche Kommissionen huet, datt deen, dee se als Observateur an déi Kommission schéckt, datt dee kann un den Debatte participéieren an datt et e Recht ass, fir un deenen Debatten ze participéieren. Selbstverständlech huet e kee Stëmrecht an där Kommission, well soss géif jo och den Équilibre vu Majoritéit an Opposition an deene Kommissionen gestéiert ginn.

Déi zweet Ännerung, déi betrëfft och d'Kommissionen, an zwar wéini datt eng Kommission sech muss obligatoresch zesummesetzen. Bis elo war et esou: Wann dräi Membere vun der Kommission dat verlaangt hunn, oder e Groupe politique oder e Groupe technique, wann déi dat verlaangt hunn, datt eng Kommission misst zesummekommen, dann huet déi Kommission misse zesummekommen.

Elo fält ewech: op Demande vun dräi Deputéierten - dat fält ewech. An et bleiwen dann d'Groupes politiques, d'Groupes techniques, an d'Sensibilités politiques ginn derbäigesat. Also déi dräi hunn d'Recht, fir kënne d'Zesummeruffe vun enger Kommission ze verlaangen.

Den Artikel 28 vun eise Reglement, dee betrëfft d'Presidentekonferenz. Do gëtt geännert: Bis elo war et esou, datt d'office an der Presidentekonferenz d'Presidente vun de Groupes parlementaires oder de Groupes techniques Member waren, effektive Member waren. Elo gëtt bäigesat, datt all Sensibilitéit politique kann un deene Réunionen assistéieren, mat Voix consultative. Dat heescht, si sinn elo net voll Member, mä si assistéieren an der Presidente-

konferenz a kënne do matschwätzen an hunn och kee Stëmrecht an der Presidentekonferenz.

Den Artikel 4, dee beinhalt d'Riedezäiten. Do ass de Prinzip am Fong dee gewiescht, datt mer gesot hunn, datt all politesche Partei, egal wéi grouss oder wéi kleng datt se ass, muss genügend Zäit hunn, fir hire politesche Message zu engem bestëmmten Thema oder zu engem Gesetz oder zu wat fir engem Débat heibannen, datt se muss kënne genügend Zäit hunn, fir de politesche Message eriwuerzebréngen. An de Problem, dee mer do haben, dee war virun allem bei deene klenge Modellen: de Modèle de base, de Modell 1 an de Modell 2. Duerfir sinn och do Mindestzäiten agesat ginn.

Esou ass beim Modèle de base eng Mindestriedezäit vu fënnf Minutten agesat gi fir all Groupe politique, Sensibilité politique. Also fir all Parteien sinn et och do uniform beim Modèle de base fënnf Minutten.

Bei dem Modell 1 geet et ëm d'Sensibilités politiques, si kréien zéng Minutten d'office. Beim Modell 2 kréie se fënnf Minutten pro Sensibilitéit (veuillez lire: pro Member), awer mat engem Minimum vu 15 Minutten. Beim Modell 3 hu se 7,5 Minutten, mat engem Minimum vu 15 Minutten. Beim Modell 4 hu se zéng Minutten pro Member, mat engem Minimum vu 15 Minutten.

Den Artikel 5 ännert den Artikel 84 of, wat d'Heure-d'actualité ubelaangt. Do war et bis elo och esou, datt eng Heure d'actualité konnt vun engem Groupe politique oder engem Groupe technique ugefrot ginn. An elo kënnt och do derbäi, datt déi ka vun enger Sensibilité politique ugefrot ginn.

Des Weidere gëtt bei der Heure d'actualité d'Riedezäit ofgeännert. Virdru war et esou, datt eng Sensibilité politique bei enger Heure d'actualité zwou Minutten hat an e Groupe politique fënnf Minutten. An Zukunft huet all Partei heibannen, ob Groupe politique oder Sensibilité politique, fënnf Minutten Riedezäit bei enger Heure d'actualité.

Dat do sinn am Fong alleguer déi Ännerunge gewiescht, déi de Sensibilités politiques eng nei Rei vu Méiglechkeeten heibanne ginn.

Dann hu mer awer nach eng Rei vu Modifikatiounen gemaach, déi méi genereller Natur sinn, zum Beispill wat d'Motiounen an d'Resolutiounen ubelaangt. Do war et bis elo esou, datt ee fënnf Ënnerschrëfte gebraucht huet, fir datt se recevabel waren. Dir wësst, datt dat dann ëmmer e Problem war, wann een eng Sensibilité politique war vun zwee oder vun dräi. Dann huet ee misse bei enger Partei Ënnerschrëfte siche goen, fir op déi fënnf ze kommen, fir datt et recevabel ginn ass.

Dat gëtt elo generell erofgesat op eng. Dat heescht, all Deputéierte kann elo eng Resolution oder eng Motioun a sengem eegenen Numm heibannen deponéieren. Dat ass also net nëmme e Virdeel fir d'Sensibilités politiques, mä et ass am Fong fir déi 60 Deputéiert, well eben all eenzelnen Deputéierten dat Recht kritt.

Da kënnt d'Ännerung vum Artikel 8, deen den Artikel 17 verbessert, also d'Zesummesetzung vun eise parlamentaresche Kommissionen. Bis elo stoung am Reglement, datt eng Kommission sech aus minimum fënnf Membere an aus maximum 13 Membere zesummesetzt.

Et war an där leschter Legislaturperiod esou, datt mer Kommissionen hate vun zwielef Membere a mir haben eng Ausnahm, dat war bei der Enquêtekommission iwwert de SREL, wou d'Chamber décidéiert hat, op 13 eropzegoen, fir domadder all Partei heibannen d'Méiglechkeet ze ginn, Member an der Enquêtekommission ze sinn. Mä en général waren et zwielef Membere an d'Reglement huet der maximal 13 zougelouss.

Elo gëtt op Wonsch vun de grénge Kolleegen de Maximum vun 13 op 14 eropgesat, fir eben esou och der aktueller politescher Konstellatioun kënne punktuell Rechnung ze droen.

Dir wësst, datt mer am Abléck eis Chamberskommissionen alleguer aus 13 Leit zesummegesat hunn. D'Reglement, wat mer elo haut hei stëmmen, geet vun 13 op 14 erop. An de Gedanken, deen do derbäi ass, ass een, dee festgehal ginn ass, mä d'Reglement léisst dem Parlament et awer fräi, ëmmer wann et et fir néideg fënn, op 14 eropzegoen.

Mä hei ass a priori un déi grénge Kolleegen a Kolleeginnen geduecht ginn, déi am Fong generell an all Kommission mat engem Deputéierte vertruede sinn, well wann dat eng Kommission ass, wou hire Minister de Ressort

huet, dann ass et an der Regel och deen Deputéierten, deen da President vun där Kommission ass. A vu datt dann och normalerweis déi Partei, déi de Minister stellt, och de Rapporteur stellt, ass déi eng Persoun da Président-rapporteur. A wann dann an den Débat misst agegraff ginn, misst se dann och nach eng drëtte Kéier untrieden a Form vum Deputéierten, fir an den Débat anzegräifen.

Duerfir ass gesot ginn, datt elo duerch des Ännerung d'Parlament am Fong d'Méiglechkeet kritt, fir dann ze soen, an där Kommission kritt dann déi Partei - an deem Fall déi grénge - zwee Membere an d'Kommission eran. An da kéinte se ee Rapporteur maachen an ee kéint an den Débat agräifen.

Et gëtt dem Parlament och d'Méiglechkeet, am Kader vun der Opdeelung vun der Verschlésslung tëschent de Parteien eventuell méi eng Flexibilität ze kréien. Zum Beispill, wa mer d'Opdeelung des Kéier an der Chamber huelen, wou an all Kommission 13 Leit sinn, hätten déi grénge Kolleegen am Fong méi wéi een zegutt.

Se hätten also méi wéi een zegutt, mä se hunn awer een. Elo kann een och higoen, datt ee seet: Ma elo kréie se a verschidde Kommissionen der zwee. An dann hätt een och global gesinn dem Schlëssel méi Rechnung gedroen. Doriwwer eraus kann natierlech och d'Parlament vun dem 14. Member ëmmer Gebrauch maachen, wann et et fir néideg fënn.

Dann hu mer nach eng Ännerung virgeholl, wat de Retrait vu Questionen, Motiounen, Resolutionen, Interpellatiounen an Débat vum Rôle ubelaangt.

Mir hunn an der leschter Legislaturperiod eist Reglement geännert, andeems mer am Fong ons eng Prozedur ginn hunn, fir Propositions de loi vum Rôle erofzehuelen, wann déi deponéiert si gi vun engem Deputéierten, deen zum Beispill net méi Member an dem Parlament duerno war. Mir haben ëmmer e Problem, déi stoungen um Rôle an da wouste mer net: Wéi kréie mer déi erof? An do hu mer eis an der leschter Legislaturperiod an eise Reglement eng Prozedur ginn, wéi mer déi Propositions de loi da vum Rôle erofkréien. Mä mir hunn dat net gemaach, wat d'Questionen ubelaangt, wat d'Motiounen, d'Resolutiounen, d'Interpellatiounen an aner Débaten ubelaangt.

Mat deser Reglementsännerung gi mer eis och déi Méiglechkeet, fir do e Retrait ze maachen. An zwar gëtt et do zwou Kategorien: Déi eng ass, wann een net méi an der Chamber ass, mä seng Partei ass awer nach an der Chamber vertrueden, da kann déi Partei e Retrait froen, fir datt et vum Rôle geholl gëtt. An doriwwer brauch se just d'Chamber a Kenntnis ze setzen.

Déi zweet Méiglechkeet ass, wann d'Partei an den Deputéierten net méi an der Chamber vertruede wieren, da géif op Proposition vum der Presidentekonferenz d'Chamber décidéieren, fir eben déi Punkte vum Ordre du jour (veuillez lire: vum Rôle) erofzehuelen.

Dann hu mer nach festgehal fir d'Ännerung vum Chambersreglement: Do stoung bis elo dran, datt am Fong och fënnf Membere missten eng Proposition maachen, fir datt eng Ännerung vum Chambersreglement kéint gemaach ginn. Dir wësst, datt opgrond vun der Constitution all eenzelnen Deputéierte kann eng Proposition de loi deponéieren. Mä bei enger Ännerung vum Chambersreglement stoung am Fong dran, datt dat der misste fënnf sinn.

Och dat gëtt geännert, andeems datt elo am Reglement festgehal ginn ass, datt all Kéiers en eenzelnen Deputéierte kann och eng Revision, eng partiell oder eng generell Ännerung vun eise Reglement vorschloen.

Dat sinn déi néng Ännerungen, déi elo an eise Reglement proposéiert ginn unzehuelen. Déi Propositionen sinn alleguer eestëmmege ueholl ginn, just mat der Ausnahm vum Artikel 8 an deser Proposition, wou d'CSV sech enthalten huet, a si wäert dann am Kader vun deser Debat och selwer hir Enthaltung bei deem eenzelne Punkt hei erklären. Dat wieren, wéi gesot, déi Ännerungen, déi ech der Chamber géif proposéieren ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Paul-Henri Meyers ageschriwwen. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här

Gast Gibéryen, de President vun der Reglementscommission, huet elo ganz ausféierlech a sengem schrëftlechen a mündleche Rapport d'Ännerungen am Reglement virgedroen. Ech soen him dofir Merci an dat erlaabt mer och, net méi brauchen an den Detail vun deenen eenzelnen Dispositionen ze goen. Et brauch ee jo net méi nach eng Kéier ze widderhuelen, wat schonn ee virdru ganz gutt gemaach huet.

Ech wëll awer dräi Punkten hei ervirhiewen. Deen éischte Punkt, dat ass deen, dass d'CSV mat deem gréissten Deel vun deenen Ännerungen d'accord ass. Si ass d'accord mat allen Ännerungen, déi virgeschloe sinn, ausser mat dem Artikel 8, deen den Artikel 17 vum Reglement ofännert. Dorop kommen ech och nach an engem extra Punkt zréck.

Mir begrësse ganz besonnesch och déi nei Dispositionen vun der Sektioon II, d'Modifikatiounen, déi de Sensibilités politiques méi Rechte ginn an hinnen eigentlech erlaben, hir Aarbecht an der Chamber gläichermoossen, d'selwecht wéi déi aner Fraktiounen och kënne ze realiséieren, doduerch, dass hir Riedezäit op eng anstänneg Aart a Weis festgeluecht gëtt, dass se aner Rechte kréien an dass se och all politesch Instrumenter, déi der Chamber zur Verfügung stinn, kënne och ausnotzen, wéi déi aner Parteien dat och kënne maachen. Also, mat där Disposition si mer ausdrécklech d'accord a mir begrëssen déi och.

Da kommen ech zu mengem zweete Punkt, woumat mer net d'accord sinn. Et gëtt virgeschloen, den Artikel 17 vum Reglement vun der Chamber ze änneren duerch d'Erhéijung vun der Héchstzuel vun den Deputéierten, déi an enger permanenter Kommission kënne sinn. Déi Héchstzuel gëtt vun 13 op 14 eropgesat. Duerch déi Ännerung, an do verweisen ech op den Exposé des motifs, soll ee Groupe politique, deen an enger Kommission nëmme ee Member huet, deen dann och nach gläichzäiteg President vun där Kommission ass, en zweete Member kënne vorschloen.

No dem Exposé des motifs géif dat dem Groupe politique erlaben, duerch deen zweete Member seng eege Position besser duerzeleeën, deen dann och am Numm vun deem Groupe politique kéint schwätzen, notament wann de President Rapporteur vun engem Projet wär, zu deem e jo déi allgemeng Meinung vun der Kommission muss duerleeën, esou dass en eigentlech dann net d'Meenung vu sengem Groupe politique kéint virdroen.

Ech muss dozou soen, dass eigentlech déi Argumentatioun net ganz richtig ass. Well, wann een dat Zil wëllt erreechen, da gëtt et och aner Méiglechkeeten. Näischt verhënnert de President, dee Rapporteur ass vun engem Projet, dass en och am Numm vu sengem Groupe politique d'Wuert ergräift. Dat ass bei eis an der Partei an där leschter Legislaturperiod méi wéi eng Kéier geschitt, well et jo kloer ass, dass deen, dee Rapporteur ass, sech ausféierlech mam Projet ofginn huet an d'Situatioun besser kennt wéi vläicht iergendeen aneren, oder op jidde Fall se sollt besser kenne wéi een aneren. Also, de Président-rapporteur kéint och, allerdéings net am Kader vum Rapport, mä an enger separater Stellungnahm, selwer d'Position vu senger Partei duerleeën.

Zweetens kéint och e Groupe politique, deen nëmme ee Member an enger Kommission huet, en anere Member dohischécken als Observateur, deen d'Débat suivéiert, dee sech aschafft an deen dann och an der Plénière am Numm vu sengem Groupe politique d'Wuert géif ergräifen an d'Position vu sengem Groupe politique géif duerleeën. Et ass näischt, wat am Reglement verbitt, dass iergendeen Deputéierten, ob en an enger Kommission ass oder net, Stellung zu engem Punkt hält, ënnert der eenzeger Bedéngung, dass e mandatéiert ass vu sengem Groupe politique, fir dat och ze maachen.

Drëttens, duerch dee Vorschlag, fir elo an eenzelne Fäll d'Zuel vun den Deputéierten an de Kommissionen eropzesetzen, ginn eigentlech déi kloer Linnen, wéi se an engem Artikel vun der Chamber virgesi sinn, dee proportionell d'Opdeelung virgesäit no de Gréisste vun de Fraktiounen, zum Deel opginn. Heimat gi mer op en anere Wee. Mir erlaben, dass een eenzelne Grupp kann e Member nennen, an doduerch kann natierlech déi Proportionalitéit net noutwendegerweis och agehal ginn.



Ech ginn zou, den Här Gibéryen huet gesot: „déi gréng sinn net an alle Kommissiounen proportionell zu hirer Gréisst vertrauden.“ Dat ass richtig. Mä dat ass awer e Problem, deen, dat muss ech awer soen, am Kader vun enger Solidaritéit tëschent de Regierungsparteien hätt kënne geléist ginn.

Ech verweisen do op d'Regelung, wéi et an der Gemeng üblech ass, dass do d'Parteien ënner sech kënne festleeën, wéi vill Leit déi eenzel, a wéi vill Kommissiounen Leit geschéckt ginn, ouni dass dat ëmmer déiselwecht Zuel muss sinn. Hei hätt een och eng Léisung kënne fannen, wann d'Solidaritéit tëschent de Majoritéitsparteien e bësse méi grouss gewiescht wär, ouni déi maximal Zuel, déi d'Majoritéitsparteien hunn - bei 13 sinn dat siwe Memberen -, ouni dass do iergendeen Ofbroch geschitt wär.

Da liesen ech awer, an dat huet eis extra stutzeg gemaach, am Exposé des motifs deen heite Saz: «Il va sans dire que la Chambre, qui fixe le nombre de membres pour les commissions parlementaires (...) peut utiliser la nouvelle disposition générale dans d'autres cas de figure.»

Do hu mer eis gefrot: Wat heescht dat do? Hu mer hei net alles gesot kritt? Sinn hei nach Hannergedanken do, fir déi doten Dispositioun an anere Fäll unzewenden? Wat ass domat gemengt? Mir hunn net all Vertrauen an déi nei Majoritéit, dat verstitt Der.

(Brouhaha)

An dofir huet eis och dee Saz do stutzeg gemaach.

(Interruption et hilarité)

An dofir hu mer eis och gesot: Hei ass net alles gesot ginn. D'Reglement ass d'Gesetz vun der Chamber. D'Reglement muss kloer Linne festleeën a kann net dem Arbitraire an den dagdeeglechen Explikatiounen a jeeweilige Situatiounen ugepasst ginn. D'Reglement muss kloer sinn, an et muss kloer si vun Ufank bis zum Enn. Dat muss och kloer si während där ganzer Legislaturperiode. Et kann een net doran tripotéiere goen.

Dofir si mer och net d'accord mat där Ofännerung, déi am Artikel 8 virgesinn ass, déi den Artikel 17 Paragraph 2 vum Règlement ofännert.

D'CSV huet opgrond vun deenen Iwwerleeungen, déi ech hei virgedroen hunn, decidéiert, sech bei deem doten Artikel 8, deen den Artikel 17 vum Règlement ofännert, ze enthalten. Meng Partei verlaangt dofir och fir deen Artikel eng separat Ofstëmmung, wéi den Artikel 45 vum Règlement dat virgesäit.

Eng drëtt a lescht Remarque: An der Kommissioun ass d'Meenung opkomm, dass een aus verschiddene Grënn d'Reglement vun der Chamber deelweis soll iwwerschaffen. Et soll een et moderniséieren. Et ass notament geschwat ginn, dass och endlech d'Parteien, déi de Wee bis an d'Verfassung fonnt hunn, déi an dem Wahlgesetz stinn, och endlech missten am Règlement erwähnt ginn, dass ee misst och definéieren, wat eng Partei dann duerstellt, wat eng Sensibilité politique ass an esou weider.

Et ass och geschwat gi vun de Mesures disciplinaires, déi souwisou, wa mer e Code de déontologie kréien, mussen ugepasst ginn. Dat sinn eng ganz Rei Ursachen, firwat dass mer dat Règlement sollen op de Métier huelen an an deenen nächste Méint oder am Laf vun deem Joer oder d'nächst Joer iwwerschaffen, et méi modern maachen, méi kohärent maachen an eventuell do, wou et muss sinn, och méi korrekt maachen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Meyers. Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry ageschriwwen.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech versprechen, dass et fir d'Lescht fir haut de Mëtteg ass, dass ech op déi Tribün hei treden.

(Interruption)

Et weess een net, wat nach kënnt, dat ass vläicht och wouer, mä ech hunn op jidde Fall net wëlles, dat nach eng Kéier ze maachen.

Ech mengen, dass mer et hei wierklech mat enger dach méi déif gräifender Reform vun eiser interner Organisatioun hei als Chamber ze dinne hunn, sécherlech enger Etapp awer an der Entwécklung vum Lëtzebuerger Parlamentarismus.

Wann ech elo déi Begeeschterung gesinn hei, déi bis elo zudag komm ass, fir déi heite Punkten ofzënnere, wonneren ech mech, dass dat net schonn éischter geschitt ass, well ech sinn effektiv der Meenung, dass dat heite Punkte sinn, déi ze ännere wierklech sinn, wat kee Muttwëll ass, dass mer eng Rei vun Adaptatiounen vun eiselem Règlement maachen, besonnesch och am Sënn vu méi Gläichheet hei, och wat d'Aktiounsméiglechkeete vun deenen eenzelne Komponente vun där Chamber ugeet a besonnesch och wat déi Parteien ugeet, déi keng Fraktiounsstärkt hunn.

Et ass also schonn e wichtige Punkt, dee mer hei diskutéieren. A wéi gesot, et ass gutt ze gesinn, dass hei u sech awer, wat d'Stousrichtung ugeet, elo eng Eestëmmegkeet schéngt ze bestoen.

E Règlement vun der Chamber muss jo eigentlech ëmmer versichen, zwou kontradiktoresch Iddie mateneen ze verbannen. Op där enger Säit ass et d'Suerg, dass eng breet demokratéisch Debatt méiglech gëtt, dass all politesch Sensibilitäten, all Fraktiounen all d'Instrumenter kréien, dass se déi Missioun, déi se vum Wieler kritt hunn, och kënne voll ausüben. Dat ass déi éischt Suerg. Dat muss eigentlech d'Haaptsuerg sinn.

Da gëtt et awer nach eng zweet Suerg, déi et an alle Parlamenter gëtt, déi och net ze verwerfen ass, dat ass natierlech, dass déi Aarbechten awer och effizient gestalt ginn, dass se kënne uerdentlech lafen, op dat Wesentlech sech konzentréieren. A kee wëllt eigentlech e Parlamentarismus hunn, dee voller Obstruktiounen ass, an deem d'Parlament eigentlech net an aller Serenitéit ka seng eigentlech Aarbecht maachen, sief et d'legislativ Aarbecht, sief et d'Kontrollfonctioun, déi et op d'Exekutiv huet.

An et ass och e bëssen dat Gläichgewicht do ze halen tëschent der Suerg vun enger breeder Debatt, demokratescher Debatt an engem gewielte Parlament an awer och eng effizient Aarbecht ze leeschten, wat mer probéieren hei ze erreechen. Woubäi natierlech vläicht ëmmer, zumindest an der Vergaangenheet, d'Affinitäten do vun der Majoritéit jeeweils éischter op dat Zweet gericht war an d'Affinitéite vun der Opposition éischter op den éischte Souci gericht waren.

Ech mengen, dass mer et elo fäerdegbrecht hunn, déi Korrekturen hei unzëbréngen an eiselem Règlement, déi néideg waren, well ech mengen, e puer Begrenzungen, déi mer agebaut hunn an dat Règlement, déi si jo och mat der Zäit ëmmer erëm opgelackert ginn. Et ass eigentlech ëmmer an déi dote Richtung gaange vun enger awer Gläichstellung vun de Fraktiounen, vun och der Stärkung vun de Rechter vun den eenzelnen Deputéierten, déi schéngt mer och wichtig ze sinn. Alles dat ass iwwert déi lescht Jore lues a lues an déi dote Richtung weiderentwéckelt ginn, well einfach do Barrieren och dra waren, déi eigentlech haut net méi vill Sënn maachen.

Et ass och kloer, dass mer als LSAP-Fraktioun voll a ganz hannert deenen doten Ännerungen stinn. Déi nei Koalitioun an hir Fraktiounen hu se ugestouss no de leschte Wahlen. An ech sinn och frou, dass déi gréissten Oppositionspartei, d'CSV, och do bis op ee Punkt matmécht. Mä do geet et jo net esou séier direkt ën d'Rechter vu klengen Parteien, obwuel dat och ka spillen. Ech kommen herno als Äntwert op dem Här Meyers seng Ausféierungen nach eng Kéier gären op deen dote Punkt méi am Detail zréck.

Dës Reform vun eiselem Règlement setzt op deenen essenzielle Punkten un, deenen névralgesche Punkte vun der Aarbecht vun den Deputéierten a vum Parlament. D'Riedezäit: Ech mengen, et ass wichtig, dass mer do déi minimal Riedezäit och de Sensibilités politiques garantéieren, well ee sécherlech net brauch stonnelaang ze schwätzen, mä awer sécherlech eng Rei vu Minutte brauch, fir déi essenziell Punkte vu Kritik oder Zoustëmmung hei ze formuléieren. Dat gëllt besonnesch och bei deene frequenteste Riedemodeller 0, 1 an 2, déi mir jo normalerweis hei an der Chamber gebrauchen. Dat gëllt och fir d'Zukunft fir d'Aktualitéitsstonn, fir déi och fënnf Minutte garantéiert ginn.

En zweete wichtige Schwéierpunkt, dat sinn d'Motiounen, d'Resolutiounen, d'Aktualitéitsstonn. Dat ass d'Méiglechkeet, fir Kommissiounssitzungen anzeberuffen, d'Méiglechkeet vum eenzelnen Deputéierten, fir niewent der Proposition de loi och eng Ofännerung vum Chambersreglement als Proposition eranzéien. Dat ass also immens wichtig, dass also och an Zukunft d'politesch Sensibilitäten zum Beispill kënne eng Kommissiounssitzung ini-

tiéieren an eng Aktualitéitsstonn och beantragen.

D'Vertrieder vun deene klengen Parteien, dat ass eng laang Fuerderung, sinn och an der Konferenz, an der Presidentekonferenz vertrat, zwar net mat Stëmmrecht, mä si sinn Observateur, si kënne och do d'Wuert kréien. Och dat, mengen ech, ass wichtig, dass mer deen dote Punkt maachen, well awer d'Presidentekonferenz d'Aarbechte vun der Chamber organiséiert. Et ass also e ganz wichtegt Organ, bei deem et, mengen ech, och gutt ass, dass d'politesch Sensibilitäten doranner och vertrat sinn.

Dat alles sinn an eisen Aen also Fortschréitter, déi duerch deen heiten Text kommen. An eise Wonsch ass just, an ech mengen, déi Betraffe wëssen dat heibannen, dass ee bei där doter Fro och elo mat Aemooss un déi Saachen erugeet, dass een déi nei Instrumenter, déi eenzel Leit kréien, och gezielt selbstverständlech asetzt, Gebrauch dovunner mécht - soss brauche mer se net anzeféieren -, mä dat awer esou mécht, dass net déi Skeptiker, déi et sécherlech nach bei där enger oder anerer Säit gëtt, dass déi net Recht behalen a soen: „Ma, elo hu mer hei eppes gemaach, mat deem et herno eigentlech hei an der Chamber schweier gëtt, nach uerdentlech ze schaffen.“

Ech mengen, et ass genuch Vertrauen do an all d'Memberen hei vum Parlament, dass se déi doten Instrumenter richtig wäerten anzesetze wëssen.

Et sinn zwou Neierungen hei dran, déi net an deen dote Kontext erapasse vun der Stärkung eigentlech vun de Rechter vum eenzelnen Deputéierten respektiv vun de politesch Sensibilitäten. Et ass op där enger Säit d'Fro vun der Regelung vun dem Zréckzéie vu Froen, Motiounen, Resolutiounen, Interpellatiounen an aneres méi vun Deputéierten, déi net méi Member vun där Chamber sinn. Do kënnt elo eng Regelung dran, an ech mengen, et ass gutt, dass mer déi hunn. Dann ass dat och, géif ech soen, juristesche propper geregelt.

Eng lescht Ännerung, déi dran ass, dat ass déi - déi schéngt jo déi am meschte contestéiert vun allen Ännerungen heibannen ze sinn -, dat ass d'Eropsetzung vun der Maximalzuel vun de Kommissiounsmembere bei normale parlamentaresche Kommissiounen vun haut 13 op 14.

Ech weess eigentlech net, wat dorunner stéiert! Et ka jo net d'Zuel 14 sinn. Et kann och net sinn, dass hei probéiert ginn ass, mat Transparenz ze schaffen an ze soen eigentlech (veuillez lire: dass hei probéiert gi wier, ouni Transparenz ze schaffen an ouni ze soen), firwat dass déi dote Propos kënnt, fir déi Zuel eropzesetzen.

Ech fannen, dass hei eigentlech éierlech virgaange ginn ass. An dofir sinn ech wierklech net mat d'accord mat deenen dach e bëssen Insinuationen, déi de Paul-Henri Meyers - et ass eigentlech net seng Gewunnecht bis elo gewiescht, mä e schéngt och do eng aner Kap ewell opzehunn - hei gemaach huet un d'Adress vun der Majoritéit. Mir maachen dat och net un d'Adress vun der Opposition!

Wéi gesot, déi Zuel 13 ass net wëssenschaftlech erschafft ginn an déi Zuel 14 ass net wëssenschaftlech erschafft ginn. Déi eng ass mir eigentlech esou gutt wéi déi aner. Mir hätten och kënne 15 virgesinn. Dat hätt eigentlech näischt un der Situatioun grondleeënd geännert.

Och ännert sech näischt drun, wéi d'Chamber Gebrauch mécht vun där Méiglechkeet do vun där maximaler Memberszuel vun de Kommissiounen. Och haut gëtt et keng Kritären, net ee Kritär an deem Chambersreglement, dee seet, wéi vill elo d'Membere vun deenen eenzelne Kommissiounen sinn. Dat leet d'Chamber all Kéiers fest. Dat kann déiselwecht Zuel a sämtleche Kommissiounen sinn; et kann awer och selbstverständlech vu Kommissioun zu Kommissioun verschide sinn.

An der viregter Legislaturperiode zum Beispill war déi Zuel am Regelfall bei 12. Firwat 12? Well dat gutt gepasst huet op déi deemoleg Zesummesetzung vun der Chamber. Elo huet dës Majoritéit proposéiert, op 13 ze goen. Hei wëlle mer eis d'Méiglechkeet ginn, an eenzelne Fäll och kënne, wéi dat och soss de Fall ass, op 14 ze goen. Och do ass d'Chamber bis elo ëmmer fräi.

Firwat soll elo dës Majoritéit mussen a prezise Kritäre festleeën, firwat se wëllt op 14 goen, wou et virdu méiglech war, ouni iergendwelch Kritären op 13 ze goen? Dat mécht jo eigentlech kee richtege Sënn. Also, vum Juristeschen ännert sech jo eigentlech d'Situatioun

guer net, just, dass d'Zuel ännert: 14 anstatt vun 13.

Ech mengen, hei ass fairerweis net eigentlech eppes verstoppt ginn, et ass gesot ginn, hei kënne sech punktuell Problemer stellen an eenzelne Kommissiounen mam Rapporteur, wann eng Fraktioun nëmme ee Vertrieeder dran huet, de President-rapporteur. Dat engt natierlech do d'Méiglechkeete vun där Fraktioun an.

Derbäi kënnt an deem prezise Fall, dass déi gréng Fraktioun wierklech par rapport zu allen anere Fraktiounen ënnerrepresentéiert ass. Par rapport zu allen! Par rapport zu de Sensibilités politiques, déi eigentlech, wa mer eist eegent Règlement géife strikt applizéieren, a kenger Kommissioun à la rigueur kéinte vertrat sinn, well d'Proportionalitéit ëmmer pro Kommissioun gekuckt gëtt. A mat dräi Sätz an 13 oder 14 Memberen huet een eigentlech net onbedéngt ee Vertrieeder zegutt. Mir sinn ni op deen dote Wee gaangen, glécklecherweis. Ech mengen, et sollt een och net op esou e Wee goen.

Mä ech soen awer nëmme einfach: déi gréng, momentan - ech bekräische se net, mä et ass e Fakt -, et ass e Fakt, dass si par rapport zu enger CSV, par rapport zu enger LSAP, zu enger DP a par rapport zu de Sensibilités politiques ënnervertrat sinn an deem aktuelle Schlëssel gerechent op 13 Memberen. Esou dass et fir eis, mengen ech, net abwegeg ass, fir ze soen, do kënne mer e Schratt méi wäit goen a punktuell decidéieren hei - dat muss eng gemeinsam Décisioun vun der Chamber ginn, si muss natierlech net eestëmmeg geholl sinn, mä et muss awer hei diskutéiert ginn an der Chamber -, dass mer bei de Kommissiounen, wéi dat och an der Vergaangenheet de Fall war, bei 13 kënne decidéieren, op 14 eropzegoen.

Ech mengen, dass also vun der ganzer Prozedur hier, vun der Motivatioun sech guer näischt ännert par rapport zu deem, wat mer haut am Règlement hunn a wat bis elo ni contestéiert war vun iergendenger Fraktioun heibannen, och net vun der CSV. An dofir mengen ech, dass een op deen dote Wee soll goen, well et eng Rei vun Argumenter gëtt, dat ze maachen.

Awer do gëllt och mäi Rotschlag, deen ech virdrun un d'Sensibilitäte gericht hunn, wat déi nei Instrumenter ugeet, och als Rotschlag un d'Majoritéit, mat där doter Méiglechkeet wierklech spuersam a vernünfteg ëmzegoen. Esou gëllt et fir all Regel, déi ee sech gëtt: Et soll een ni probéieren, iwwert d'Zil erauszegoen, an et soll een dat dote wierklech no Reflexiounen mat Aemooss asetzen. An et ass an deem Sënn, wou mer als LSAP déi sämtlech Modifikatiounen vun dem Règlement och wäerte stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bodry. An d'Wuert huet den Här Eugène Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Am Koalitiounsaccord, do stinn direkt am Préambule e puer grouss Prinzipien, déi do festgehalene sinn, wéi déi nei Regierung, wéi déi nei Majoritéit wëllt Politik maachen. Do geet ënner anerem Rieds, datt ee wëllt eng Politik maachen op eng transparent Aart a Weis, datt een d'Bierger besser wëllt informéieren, datt een - fir elo net grouss Spréch ze zitieren - méi Demokratie wëllt woen an och nei Weeër an där Hinsicht wëllt goen, eben och fir d'Vertraue bei de Bierger nei opzebauen a mat hinne kënne dann och Décisiounen ze huelen.

Et kann ee Beispiller huelen. Zum Beispill de Pressebriefing freides nom Regierungsrout, wou ëmmer en détail d'Leit informéiert ginn, wou och verschide Regierungsmemberen da präsent sinn, fir kënne déi eenzel Punkten ze presentéieren. Ech denken un d'Referenden, déi fir 2015 och virgesi sinn. An ech mengen, déi Virsätz vun Transparenz, vu jiddweree méi an den demokratesche Prozess abannen, dat ass eigentlech och déi Guideline, déi sech d'Majoritéit hei an der Chamber ginn huet. Méi speziell, fir eben dann och hei bei eis, an eiselem Haus hei kënne all d'Deputéiert méi op eng - wéi soll ech soen? - op méi eng grouss a méi eng demokratesch Aart a Weis matanzebannen an d'Aarbechte vun der Chamber, awer och hinne méi Méiglechkeeten ze ginn, fir hir Iddien zum Débat anzëbréngen.

Ech mengen, et ass eng Saach, déi mer och ganz schnell gemaach hunn. D'Majoritéit an der Chamber huet schnell reagiert. Innerhalb vu manner wéi zwee Méint hu mer elo hei déi Dispositiounen, déi eis wichtig waren, an d'Reglement agesat. An ech wäert elo net méi op all Dispositioun agoen. Ech mengen, de Rap-



porteur, deem ech och wéilt Merci soen, deem hei en ausféierleche Rapport gemaach huet, huet och déi Saachen, déi wichteg Saachen oder all Punkten opgezielt.

Vläicht zwou, dräi Kategorien awer, déi a mengen Ae wichteg sinn. Op där enger Säit ass et esou, datt d'Riedezäit erweidert gëtt. Dat heescht, datt eigentlech och d'Méiglechkeet ass fir déi Deputéiert, déi an enger Sensibilité politique sinn, datt déi méi Riedezäit hunn, fir ebe kënnen e Sujet ze développéieren, fir besser kënnen hir Iddien duerstellen.

En anere Punkt, dee mer wichteg schéngt, dat ass, datt een och déi individuell parlamentaresch Initiativ fundamental erweidert. Virdu war et esou, datt een eben huet missen Ënnerschrëfte sammelle goen, fir datt een der fënnf hat fir eng Motioun, eng Resolutioun kënnen zum Beispill anzebréngen. Ech mengen, dat ass fir mech e ganz wichteg Punkt, mä generell, datt wierklech d'Initiativ vun eenzelnen Deputéierten hei ënnerstëtzt gëtt, datt een also och mat enger Ënnerschrëft kann an Zukunft esou Saache maache wéi Motiounen hei an der Chamber, am Parlament abréngen.

Eng aner wichteg Kategorie ass déi ebe vun der Méiglechkeet, datt och d'Deputéiert vun de Sensibilités politiques kënnen an déi eenzel Kommissiounen goen, fir do dann och kënnen ze participéieren.

Et sinn och Saachen, déi net am Reglement stinn, déi mer awer och an der Praxis schonn ëmsetzen. Ech denken do zum Beispill drun, datt och Membere vun de Sensibilités politiques kënnen mat an déi international parlamentaresch Assembléeën goen. Fir praktesch all déi international parlamentaresch Assembléeën hu mer Membere vun de Sensibilités politiques, déi do kënnen matgoen.

Mir hunn och zum Beispill agefouert, datt kënnen d'Deputéiert vun der Opposition respektiv vun de Sensibilités politiques Rapporte maache vu Projets de loi; wa se dat wëllen. Also einfach d'Iddi, d'Démarche vun der Majoritéit och hei am Parlament, fir esou wäit wéi méiglech d'Deputéiert och vun de Sensibilités politiques, vun deene kleng Parteie mat an déi politesch Aarbecht anzubannen an hinnen och d'Méiglechkeet ze ginn, sech kënnen auszedrécken.

Ee Punkt war an der Kommissioun, deem e bësse méi diskutéiert ginn ass, an de Spriecher vun der CSV, de Paul-Henri Meyers, huet dat jo och schonn aus senger Vue oder aus der Vue vu senger Partei - d'Problematik, wéi si se gesinn - duergestallt. Dat ass eben d'Zuel vun den Deputéierten a verschiddene Kommissiounen, wou mer drageschriwwen hunn, datt déi ka bis 14 Deputéiert goen. Den Alex Bodry huet aus dem juristesche Point de vue dat hei och en long et en large kommentéiert, esou datt ech eigentlech alles nëmme kann ënnersträichen.

Ech mengen, wann een déi Démarche hält a seet, mir kucken, fir e mathematesch representativ Modell ze huele fir d'Zuel vun den Deputéierten an de Kommissiounen, da gëtt et ganz schweier. Well egal wat fir ee Modell een hält, do gëtt et der och am Ausland, da komme mer awer ni op eng perfekt mathematesch representativ Representatioun an do fënnt ee kee wëssenschaftlech exakte Modell.

Dat ass elo net esou, dat war och an der Vergaangenheet ni de Fall. Dat kann een eventuell aus der Siicht vun der Opposition als net adequat empfinden. Mä awer och - et ass och scho gesot ginn -, awer och eigentlech d'Parteien aus der Majoritéit, wéi zum Beispill déi gréng, kéinten et, wann ee reng mathematesch kuckt, contestéieren a soen, datt se ënnerrepresentéiert wieren.

Ouni déi Diskussioun elo virunzeféieren, wat dann elo dee richteg mathematesch Modell ass, fir mech ass et eigentlech wichteg oder fir meng Fraktioun ass et wichteg, datt déi politesch Verhältnissen, déi vum Wieler gewünscht waren, sech och mussen an de Kommissiounen erëmispigelen, datt eng Majoritéit awer muss eng Majoritéit bleiwen. An datt een och effektiv fir spezifesch Situatiounen, wéi zum Beispill, wou dann e grénge Minister e Projet déposéiert huet oder wou e grénge Deputéierte Rapporteur ass, datt een do awer d'Méiglechkeet gëtt, datt nach en zousätzlechen Deputéierten och kann am Débat ënner engem anere Label, ënner engem aneren Hutt wéi Rapporteur intervenéieren.

Voilà, ech mengen, dat sinn déi grouss Akzenter, déi mer op alle Fall gesinn als en Zeeche vun Ouverture a vu méi Demokratie, och hei an der Chamber. Et bleift an deem Chambersreglement natierlech nach déi eng oder aner

Problematik bestoen, déi een an Zukunft muss an Ugrëff huelen.

Ënner anerem hate mer d'Diskussioun vun de Sensibilités politiques, wéi een déi genau soll definéieren. Mir hunn do keng ideal Formulatioun bis elo nach fonnt, mä mir hu jo an den nächste Wochen a Méint Zäit, fir do nach eng Kéier e bëssen an eist Reglement eranzekucken. An dat ass jo dat, wat ee feststellt, wann een esou e Reglement kuckt.

Ech muss och éierlech soen, datt ech an deene Jore virdu mech ni esou mat deem Reglement beschäftegt hunn. Wou ech elo Member sinn an der Kommissioun an et dann e bëssen esou duerchekucken, da gesäit een awer, da spiert een, datt do dat esou e bëssen zesummegewuess ass. All Kéiers an all Legislatur ass vläicht déi eng oder aner Saach derbäikomm an et ass net ëmmer en homogeen Ganz, esou datt een also och do eng Kéier sech soll de Virsaz huelen, fir et eng Kéier komplett, ganz nei ze iwwerschaffen. Dat ass sécherlech eng grouss Aufgab, déi een och kéint an Ugrëff huelen, fir datt ee vläicht dann och an deenen nächste Joren eng Kéier méi en homogeen Reglement wäert dann um Dësch leien hunn.

Déi puer Bemierkunge gemaach, géif ech awer den Accord vu menger Fraktioun zu dese Modifikatiounen zum Reglement erabréngen.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Berger. Als nächst Riednerin ass ageschriwwen: d'Viviane Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Awer och Merci alle Membere vun der Reglementscommissioun, well ech denken, datt mer alleguerte séier a konstruktiv geschafft hunn. A mir hunn a ganz weëneger Zäit eigentlech elo hei eppes virleien, wat mer ofstëmmen, wat awer substanzuell ass.

D'Kommissioun huet sech schonns den 9. Dezember eng éischte Kéier versammelt, fir genau iwwert déi heite Modifikatioun zesummenzekommen. D'Haaptzil vun deser Proposition de modification ass et, jiddwer gewieltem Deputéierten, an dëst onofhängeg vun der Appartenance zu engem Groupe politique oder engem Groupe technique oder enger Sensibilité politique, déi Méiglechkeeten ze ginn, déi e brauch, fir seng parlamentaresch Aarbecht uerdentlech ze maachen.

Et geet drëms, datt all politesch Orientatioun oder Courant politique seng politesch Position zu dem Débat am Plenum an an de Kommissiounen kann ausdrécken.

Do gëtt et verschidde Punkten zur Riedezäit am Plenum. Dozou gehéiert notament d'Zäit, fir seng Position ze entwéckelen. An dëst kann ee manifestement net an 2,5 Minutten, op alle Fall net ëmmer.

Der grénge Fraktioun ass et wichteg, datt mer Debatten am Plenum féieren, déi sécherlech kontrovers bleiwen, mä déi awer fair oflafen. An zur Fairheet gehéiert eben och d'Zäit, fir sech auszedrécken. Déi Formule, déi am Konsens fonnt ginn ass, stellt ons zefridden.

Zum Droit d'initiative: An Zukunft wäerte mer net méi brauchen (veuillez lire: wäerte mer nëmme méi brauchen) eng Ënnerschrëft ze ginn, fir iwwerhaupt emol d'Recevabilitéit vun enger Motioun oder enger Resolutioun oder enger Proposition de modification de règlement ze erméiglechen. Dat wor an onsen Äen eng lästeg Virgehensweis, virun allem fir deen, deem huet missen op d'Sich no Ënnerschrëfte goen. Och dat ass elo eriwwer. All Deputéierten ass autonom a selwer verantwortlech fir seng Initiativen. An och dat begrësse mir Gréng ausdrécklech.

Dann zum Droit de participer aux débats: All Deputéierte vun enger Sensibilité politique, deen net Membre effectif vun enger üblecher Kommissioun ass, dierf elo net nëmmen derbäi sinn, mä och sech un den Debatte bedeelegen. Domadder ass garantéiert, datt all politesch Orientatioun e Recht huet, u politeschen Debatten ze participéieren. Datselwecht zielt fir d'Conférence des Présidents, an dat ass och gutt esou.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn als Gréng immens frou, datt des Ännerungen endlech stattfannen a mir kënnen ons eigentlech nëmmen de Wieder vun Här Bodry uschlëssen: „Firwat ass dat net éischter gemaach ginn?“

Méi Participatioun u politeschen Debatte schuet der Saach nämlech net. Bien au contraire! Mir fannen, datt - toute proportion gardée natierlech - Pluralitéit an der Politik der politescher Debatte nëmmen déngen kann. Dës Ofännerung ka fir ons alleguerten nëmmen eng Plus-value vun onser Aarbecht bedeiten.

An à propos „proportion gardée“: Dat ass d'Stéchwuert fir ons Position zum Artikel 8, deen erméiglecht, d'maximal Zuel vun de Memberen aus de Kommissiounen vun 13 op 14 eropzehuelen, net well mer abergläubeg sinn, mä effektiv well déi gréng Fraktioun mat engem Member an alle Kommissiounen ënnervertrueden ass. D'Méiglechkeet, déi domadder geschafe gëtt fir déi gréng Fraktioun an de Kommissiounen, do wou se d'Présidence huet respektiv wou si d'office e Rapport ze schreiwe kritt, dréit deser Ënnervertriedung Rechnung.

Finalement si mer ons eens, datt mer eng Re-fonte en profondeur vum Chambersgesetz mussen ugoen. Eng Viraarbecht ass amgaangen an der Chamber vun de Mataarbechter gemaach ze ginn, ier d'Reglementscommissioun sech där Aarbecht da wäert unhuelen. Och hei stëmme mer enger éischter Verbesserung vum Chambersreglement a Saache méi a besser Participatioun vu senger Memberen zou. Och hei läit nach Aarbecht u fir d'Reglementscommissioun. Mir wäerten ons deser Aarbecht an deenen nächste Joren unhuelen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och der Madame Loschetter. Leschten agedroene Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*). - Merci, Här President. Mir sinn als déi Lénk der Meinung, dass dat, wat mer elo stëmme wäerten, e wichtige Schrack duerstellt fir d'Unerkennung vun de politesche Realitéiten hei an der Chamber.

Et ass e wäiten, net ëmmer gradlinnege Wee vun der Chambertrapebesetzung vun 1989, der origineller Aktioun vun den deemolegen Deputés non inscrits, bis heihin. 1990 sinn du fir déi bis dohin Non inscrits - et waren dat d'Deputéiert vu Fënnf Sechstel, GAP, GLEI a KPL - fir déi éischte Kéier eege Rechter agefouert ginn. D'Begrëffer vun „groupe technique“ an „sensibilité politique“ sinn deemools agefouert ginn.

De Groupe technique ass awer deemools scho vum Deputéierten André Hoffmann 1990 kritiséiert ginn, an zwar andeems en drop higewisen huet, dass e Groupe technique eigentlech contraire ass zu eiser Verfassung, nämlech zum Prinzip, deem am Artikel 51, mengen ech, festgehalten ass, dass d'Deputéiert gewielt ginn op Lëschten, déi sech Wahlen presentéieren, an dass et eigentlech guer kenger politescher Realitéit entsprécht, wann ee Leit forcéiert - oder „humiliéiert“, wéi den Änder Hoffmann sech deemools ausgedréckt huet -, andeems ee vun hinne verlaangt, dass se sech an engem Groupe technique sollen zesummendinn.

Ech wonnere mech dofir eigentlech, dass déi Iddi vum Groupe technique elo nach ëmmer ronderëmgeeschtert, zum Beispill wa vun der SREL-Kontrollkommissioun Rieds geet.

D'Sensibilités politiques sinn deem Prinzip scho méi no komm. D'Sensibilités politiques hunn deemools och hir eegen Existenz kritt iwwert de Wee vun der Festsetzung vun hirer Riedezäit, déi deemools nach bei Projets de loi ganz beträchtlech war: eng Stonn bei engem Deputéierten, deemools. Aner Parteien hate bis zu véier Riedner zu engem Projet de loi.

2000 ass dunn d'Riedezäit beträchtlech erofgesat ginn, huet awer ëmmerhin nach vill méi bedroen wéi dat, wat mer déi lescht Zäit kannt hunn. 2007 ass d'Riedezäit dunn op dee lamentabelen Niveau vun e puer Minutte fir een Deputéierten erofgesat ginn, mat deem mer eis déi lescht Jore leider hu missen erëmklappen.

Deemools, wéll ech just pour la petite histoire hei soen, war den Här Jaerling beim ADR ausgetratt an den Här Gibéryen war Rapporteur vun deem Projet. Déi Lénk waren déizäit net an der Chamber. Mer waren awer no 2009 déi Haaptleidtragend vun deem Prinzip.

Déi Reglementsännerung vun haut bedeit fir d'Sensibilités politiques, dass se méi Rechter kréien an dass hir Rechter méi staark un déi vun de politesche Gruppen ugepasst ginn. Wat heescht: Éischstens, si kënnen als Observateur d'office un all Kommissiounssitzung deelhuele, wou se net stëmmberechtigt souwiesou sinn, a si kënnen och do d'office d'Wuert ergräifen.

Fir Mëssverständnisse ze vermeiden, virun allem dobaussen, wéll ech hei awer betounen, dass se kee Jeton derbäikréien. Wat awer zum Beispill eis als déi Lénk net drun hënnert, fir äifreg elo schonn eis nei Rechter ze notzen an un esou Kommissiounssitzungen aktiv deelzehuelen.

Zweetens, eng Sensibilité politique däerf froen, dass eng Kommissioun zesummekënnt, fir iwwer e Sujet ze diskutéieren.

Drëttens, eng Sensibilité politique däerf als Observateur un der Presidentekonferenz deelhuele; wat mer zënter enger Zäit och scho kënnen maachen. Well jo do d'Aarbechte vun der Chamber organiséiert ginn. Natierlech och hei oui Jeton.

Véiertens ginn endlech Sockele bei de Riedezäiten agefouert, déi eng anstänneg Interventioun méiglech maachen. Besonnesch muss ech awer betounen: Bei deene kleng Modeller ass dat ganz kloer de Fall. An déi kleng Modeller sinn awer déi, déi bei deene meeschten Diskussiounen hei ugewent ginn. An, ech mengen, domat ass am Wesentlechen an a ganz ville Fäll dat eriwwer, wat den Änder Hoffmann schonn 2000 an duerno ëmmer erëm als „Chronometer-Demokratie“ bezechent huet an enger grundsätzlecher Kritik ënnerworft huet.

Fënneftens kënnen mer elo eng Heure d'actualité froen, wat eng wichtige Méiglechkeet ass, aktuell Debatten unzereegen. Natierlech, esou wéi dat och bei de Groupes politiques de Fall ass, nëmme wann d'Presidentekonferenz domat d'accord ass.

Eng aner wichteg Neuerung ass, dass fir eenzel Deputéiert eng Rei vu Verbesserungen kommen: Éischstens kënnen eenzel Deputéiert elo Motiounen oder Resolutiounen mat hirem eegenen Numm eraginn, ouni dass se mussen enger anerer Oppositionspartei oder aneren Oppositionsdeputéierten nolafen, fir hir Pro-forma-Ënnerschrëft ze kréien, gewëssermoossen eng „signature technique pour raisons de démocratie“. Dat ass domat och eriwwer.

Zweetens kann och een Deputéierten eleng eng Proposition de modification vum Reglement erauechen, wéi een dat jo och scho bei Propositions de loi ka maachen.

Här President, wat ech elo beschriwwen hunn, ass net weënig. Et ass awer nëmmen eng endlech Unerkennung vu wichtigen demokratieschen Prinzipien. Mir wëssen och, dass d'Chambersreglement soll nach global iwwerschaafft ginn.

E puer Froen bleiwen nach ze klären am Sënn vun enger vollständiger Gläichstellung vun de politesche Parteien an Deputéierten an der Chamber, an och iwwert de Wee zum Beispill vun enger Neidefinitioun vun esou Begrëffer wéi „sensibilité politique“ oder „groupe politique“.

Mir mengen och, dass sech eng ganz wesentlech Fro nach stellt, wat den demokrateschen, transparente Funktionement vun der Chamber ueget. An ech wéll do den Här Ben Fayot zitéieren, deem 2007, awer deemools a sengem perséinlechen Numm, gesot huet: „Ech war zéng Joer an engem Parlament“, gemengt ass d'Europaparlament, „wou all Kommissiounssitzung effentlech war, wou d'Press derbäi war, wou Assistenten, Attachéen derbäi waren a wou ganz heftig diskutéiert ginn ass.“ Hien huet sech deemools also méi Effentlechkeet a méi Participatioun bei der Kommissiounsaarbecht gewünscht. Den Här Bausch vun deene Gréngen huet doropshi gesot, seng Fraktioun géif zu honnert Prozent dem Här Fayot seng perséinlech Meinung deelen. A wie weess, Här President, vläicht ergi sech jo nach ronderëm deen Thema elo eng Rei vun neie Méiglechkeeten!

Zum Schluss wéll ech e bëssen anticipéieren an lech soen, dass ech heimadder zu deser demokratescher Reform vum Chambersreglement den Accord vun eise Gruppe politique ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Urbany. Domat si mer un Enn vun eiser Diskussioun. Den Här Paul-Henri Meyers huet am Numm vun der CSV-Fraktioun op Basis vum Artikel 45 vum Chambersreglement e Vote séparé iwwert den Artikel 8 gefrot. Ech géif dofir och proposéieren, fir elo direkt doriwuer ofzestëmmen.



Vote séparé sur l'article 8 de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6644

Ech stellen also d'Fro, wien d'accord ass mat dem Artikel 8 a senger neier Form, dee géif mat Jo stëmmen, an dee wéi d'CSV der Mee-nung ass, dass ee sech do sollt enthalten, dee géif sech dee Moment enthalten.

Sou, de Vote ass lancéiert. De Quorum ass er-reecht. D'Procuratioun. Ech ginn dovun aus, dass de Vote eriwwer ass.

Et hu mat de Procuratioun sech 59 Deputéiert um Vote bedeelegt. Mat Jo hu gestëmmt 37 Deputéiert. 22 hu sech enthalten.

Ech ka jo dovun ausgoen, dass d'Abstentioun motivéiert ass. Domat wär dann den Artikel 8 ugeholl. Mir hätten also een Deel vun den Än-nerunge schonn ugeholl.

Résultat définitif après redressement: l'article 8 de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6644 est adopté par 37 voix pour et 23 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Chris-tiane Wickler), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Chris-tiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie An-drich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé-lix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wi-seler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz).

Vote sur l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6644

Ech géif lech da bieden, iwwert den Ensembl vun den Ännerungsvirschléi ofzestëmmen an ech géif direkt och de Vote lancéieren. De Quo-rum ass erreecht. D'Procuratiounen. Ech ge-sinn, de Vote ass ofgeschloss.

59 Deputéiert mat de Procuratiounen hu sech um Vote bedeelegt. Mat Jo hunn 38 Deputéiert ofgestëmmt an et hu sech nach 21 Deputéiert enthalten. Ech ginn dann dovun aus, dass dat esou ass. Et ännert och net vill, esou dass mer dat dann esou gëlle loossen.

Résultat définitif après redressement: l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6644 est adopté par 37 voix pour et 23 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie An-drich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé-lix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-

Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Mo-dert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mo-sar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, et Michel Wolter (par M. Marc Spautz).

Och hei, vu dass et eis Initiativ ass, brauch ech d'Fro net no der Dispens ze stellen. Mir sinn awer duerschaw bereet, eng Rectification de vote nach ze maachen, wann dat gewëncht wär. Mä ech mengen emol, dat ass net de Fall.

Da géife mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et geet ëm de Projet 6596 iwwert d'Prëten un den Internationale Währungsfong. D'Riedezäit...

(Interruptions)

Wann ech gelift, mir ware bis elo ganz diszipli-néiert. Kommt, mir bleiwen et och!

D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An den honorabelen Här Marc Hansen, Rap-porteur vun dësem Gesetz, huet d'Wuert. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Gibéryen an den Här Turpel.

8. 6596 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à octroyer au Fonds Monétaire International des prêts remboursables pour un montant maximum équivalent à 2,06 milliards d'euros

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Marc Hansen (DP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Pro-jet, iwwert dee mer elo schwätzen, ass e Ge-setz, wat der Regierung d'Erlaabnis gëtt, fir dem FMI, dem Fonds Monétaire International, dem Internationale Währungsfong also, e bila-terale Prêt ze accordéieren, an dat an der Héicht vun 2,06 Milliarden.

2,06 Milliarden, ech mengen, dat si vill Suen. An ier ech op den Text selwer géif agoen, géif ech nach eng kéier de Kontext erklären, wéi et iwwerhaupt zu dësem Gesetzesprojet kouw.

Am Joer 2011, a besonnesch um Enn vun deem Joer - a mir erënneren ons heibannen al-leguerten dorunner -, hate mer an der Euro-päescher Währungsunioun eng zolidd Schol-den- a Vertrauenskris an et ass souguer an der effentlecher Diskussioun an an de Medie vill iwwert de Fortbestand vum Euro oder souguer iwwert deem engen oder anere Member aus der Eurozon säi Fortbestand diskutéiert ginn. An dat natierlech mat deenen dramatesche Sui-ten, wat dat deemools mat sech bruecht hätt.

Fir deem deemools entgéintzewierken hunn d'Stats- an d'Regierungschefen op hirem euro-päesche Sommet vum 8. an 9. Dezember 2011 e ganze Koup u konkrete Mesuren decidéiert.

De 14. Dezember vun deem Joer ass den dee-molege Premier, de Jean-Claude Juncker, hei an d'Chamber komm an en huet an enger Dekla-ratioun den Deputéierten d'Saach ausenaner-geluecht.

A senger Ried huet deemools de Jean-Claude Juncker zu Recht drop higewisen, dass een dee Moment - nom Sommet an den do decidéierte Mesuren - nach laang net um Enn vum Tunnel wär, mä dass een op deem europäesche Som-met, an ech zitëieren elo d'Ried vun Jean-Claude Juncker vun deemools: „d'Schafung vun deenen noutwendege Grondvoraussetzun-gen, déi ee brauch, fir Schrëtt fir Schrëtt, am Kader vun engem sech op laang Zäit hin-ziehende Prozess, mat där Kris fäerdeg ze ginn“, realiséiert hätt.

An der Deklaratioun huet den deemolege Pre-mier och d'Opstocke vun de Ressourcë vum In-ternationale Währungsfong an der Héicht vun 150 Milliarden duerch d'Eurostaten als eng vun den decidéierte Mesurë presentéiert an en ass dovunner ausgaangen, dass d'Obligatiounen, déi op Lëtzebuerg géifen duerkommen, zwëschen 1,5 an 2 Milliarden Euro géife leien an dass ee sech an deene Méint duerno géif iwwerleeën, wéi een dat op der Lëtzebuenger Säit géif arrangéieren.

An der Chamber gouf dann de Premier dee-mools gréisstendeels ënnerstëtzt an den 22. Juli 2013 huet de Finanzminister Luc Frieden de Projet de loi déposéiert, dee mer haut um Ordre du jour stoen hunn.

Fir Lëtzebuerg heescht dat also, 2,06 Milliarden zu deenen insgesamt 150 Milliarde bäizesteie-ren, a mir sinn da vun deenen 13 Länner, déi sech bereet erkläert hunn, dat lescht Land, wat de bilateralen Accord aktivéiert.

Et kann ee vläicht nach op dëser Plaz ënner-sträichen, wat och an der Kommissioun gesot ginn ass, dass et am Fong eng gutt Initiativ war, fir den FMI mat an dës Operatioun eranze-huelen, well dat natierlech iwwert d'Eurostaten eraus och nach eng vill méi staark Implikatioun vun aneren Acteure mat sech géif zéien an een natierlech och vum Know-how an de Kompe-tenze vun dem FMI kéint profitéieren.

Esou vill zum Kontext. Iwwert de Gesetzestext selwer dann och nach e puer Explikatiounen op dëser Plaz.

Wéi fonctionnéiert et iwwerhaupt, dass mir 2,06 Milliarde mussen opbréngen?

Abee, d'Participatioun vun all Land un deenen 150 Milliarde gëtt berechent proportionell zu der Quote-part, déi dat respektiiv Land am Ka-pital vum FMI huet.

Fir et graff ze résuméieren, well dat eis soss ze vill wäit géif féieren: Déi Quote-parten, déi am Prinzip proportionell sinn zu dem Gewicht vun engem Land an der Welteconomie, gi regel-méisseg iwwerschaaft an och no Formele be-rechent, déi de PIB, awer och aner Facteure mat a Betruecht huelen. Eise staarke Finanzsec-teur beaflosst d'Berechne vun där Quote-part natierlech ganz zolidd.

Egal wéi d'Formelen dann och elo sinn, am Moment leie mir bei enger Quote-part vun 0,277 am FMI an dat bedeit ëmgerechent, dass mer vun deenen 150 Milliarden 1,37% bezuele mussen, am Kloertext also déi 2,06 Milliarden, déi mer haut um Menü stoen hunn.

Fir lech nach e puer Beispiller aus der Tabell vun deenen 13 Länner ze zitëieren: Däitschland bezilt vun deenen 150 Milliarden 41,5 Milliar-den, Frankräich huet der 31 ze bréngen an d'Belsch 9,99. Op där anerer Säit vun der Ta-bell hu mer Malta mat 0,26 Milliarden, Zypern 0,48 an d'Slowenen 0,91.

Wéi sinn elo d'Modalitéite vun deem Prêt?

Am Fong geholl ass dee Prêt kee richtege Prêt en tant que tel, mä eng Ligne de crédit, déi den Internationale Währungsfong zur Verfü-gung huet an déi de Fong esou kann unzapen, wéi hien d'Besoinen huet. D'Trésorerie vum Stat géif d'Suen transferéieren op de Kont vum FMI bei der Zentralbank.

Déi allerwichtigst Fro ass natierlech déi: Wéi héich ass d'Probabilitéit, dass den FMI déi Suen iwwerhaupt brauch? D'Äntwert ass: relativ niddreg bis onwahrscheinlech.

Ier nämlech den FMI op dëse bilateralen Ac-cord zrëckgräift, dee mer haut hei op dem Ordre du jour stoen hunn, huet en nach vill méi staark Moyenen zur Verfügung, déi en am Fall vun engem Besoin géif gebrauchen. An éischter Linn ass dat d'Basiskapital vum FMI, mat de multilateralen Accorden, déi den FMI huet, déi do hannendrukommen. An eréischt ganz zum Schluss, op der drëtter Plaz kéimen dann déi bilateral Accorden, wéi och haut Lët-zebuerg een decidéiert.

De Spezialisten no ass d'Probabilitéit deemno ganz kleng, dass et iwwerhaupt eemol zu där Situatioun kënt. A wann et dann de Fall iwwerhaupt géif ginn, wär et och nach net sé-cher, dass et iwwerhaupt déi 2,06 Milliarden insgesamt géif ginn. Et muss een natierlech och derbäisoen, wann et eng kéier zu deem Fall kéim, dass mer déi 2,06 Milliarde géife brauchen, géif dat implicitement och hee-schen, dass wahrscheinlech déi 150 Milliarden, déi aner, och géife gebraucht ginn. An dann hätte mer schonn dramatesch Situatiounen, iwwert déi mer missten diskutéieren.

Weider Modalitéiten, déi zu dësem Accord gehéieren, sinn déi, dass den Accord mat de Verlängerungen dra bis maximal véier Joer dauert. An den Zënstaux, ech ginn och do net am Detail drop an, mä deem ass un d'DTS, d'Droits de tirage spéciaux gekoppelt, gëtt ëm-mer erëm op en Neits gerechent an en hätt déi lescht Woch bei 0,13% geleeën.

De Statsrot dann, deen hat mam eenzegen Ar-tikel aus dem Gesetz kee Problem, wat de Fong ugeet, ma éischter wat d'Formulatioun ugeet. Mir hunn dann och an der Finanzkommissioun d'Textpropos vun dem Statsrot ugeholl an de Rapport gouf unanime gestëmmt.

Léif Kolleginnen a Kollegeen, ech ginn dann domadder hei och den Accord vu menger Frak-tioun an ech proposéieren der Chamber, de Projet ze ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hansen. Den Här Roth, deen ech nach net op der

Lëscht hat, mä wou ech awer gemengt hat, dee géif sech zu Wuert mellen: Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Jo, dass et séier geet, Här President. Ech wëilt dem Rapporteur, dem Här Hansen, Merci soe fir säi schrëft-lechen, awer och mëndleche Rapport. En huet zu Recht ënnerstrach, dass déi Moosnam sech hei an e Gesamthëllefspak aschléisst, fir den Euro ze retten. An an deem Sënn wëll ech dem Här Hansen och félicitéieren, dass en nach eng kéier drun erënnert huet, dass de fréieren Euro-gruppechef, nämlech de Jean-Claude Juncker, a fréiere Statsminister, dass deen enk associéiert war un dëse Moosnamen. Jo, „Ehre wem Ehre gebührt“, nediert?

De Gesetzesprojet ënnersträicht am Fong awer och, dass mer eng Plaz hunn als Lëtzebuerg an der Welteconomie, well eigentlech dee Bäitrag, dee jo opgedeelt ass no dem Verdeelungs-schlëssel am Kapital vun Internationale Wäh-rungsfong, deen ass fir Lëtzebuerg vill méi grouss wéi eigentlech fir Länner, déi och opge-zielt sinn, wéi d'Slowakei oder anerer. An den Här Hansen huet dat ënnerstrach, dass dat der-mat ze dinn huet mam Impakt vun der Finanz-plaz.

Dann ass et och esou, dass an dem Exposé des motifs vun dem Projet de loi ënnerstrach ass, dass dat hei eigentlech keng Inzidenz huet op d'Verscholdung vun eise Land an och op den effentlechen Defizit. De Projet de loi gouf, wéi gesot, vun der fréierer Regierung nach abruecht, vun dem Finanzminister Luc Frieden, an duerfir wäerte mir als CSV, déi 23 Deputéiert, selbst-verständlech geschlossen dëse Projet stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

(Brouhaha et hilarité)

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Roth. Den Här Franz Fayot huet sech d'Wuert gefrot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Jo, Merci, Här Pre-sident. Ech géif och gären am Numm vu menger Fraktioun dem Rapporteur Marc Han-sen félicitéiere fir säi ganz gudder mëndlechen a schrëftleche Rapport zu dësem Projet de loi. Ech mengen, et ass alles gesot gi vu menge Vir-riedner. Dat ass eng Ausféierung vun enger in-ternationaler Verflchtung vun eise Land.

Et ass och drop insistéiert ginn, dass d'Probabi-litéit, dass dës Prête gezu ginn, relativ kleng ass. Gott sei Dank ass d'Kris an der Eurozon haut net méi déi, wéi se nach virun e puer Joer war, esou dass een och net muss dovunner aus-goen, dass dee Prêt do jee gezu gëtt.

Ech mengen, ceci étant dit géif ech gären den Accord gi vu menger Fraktioun fir dëse Projet de loi.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fayot. Dann huet d'Wuert den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här Pre-sident. Och vun eiser Säit aus e Merci un de Kolleeg Marc Hansen als Rapporteur, deen och als President vun der Finanzkommissioun, muss ee fairerweis soen, sech relativ séier an déi ganz komplex Matière ageschaaft huet.

Deen Accord, dee mer haut hei zur Diskussioun stellen an zur Ofstëmmung kréien, ass en Ac-cord, deen der Regierung erlaabt, dem Fonds Monétaire International, dem FMI, e Prêt an Héicht vun 2,06 Milliarden ze accordéieren. Ech brauch net méi op d'Prozeduren anze-goen, dat huet de Rapporteur gemaach. Am Kader vun der Lutte géint d'Wirtschafts- a Fi-nanzkris ass am Fong déi Décisioun geholl ginn.

Mäi Parteikolleeg Fernand Kartheiser hat och duerfir den 20. Dezember 2011, zum Zäitpunkt wéi dat diskutéiert an decidéiert ginn ass, eng Question parlementaire gestallt, wou en eng ganz Rei vu Froen am Detail gefrot huet an och deemools déi Äntwert kritt huet.

Ech wëll mech hei an deene fënnf Minutte kuerz mat zwee Punkten...

► **M. le Président.**- Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...befaassen. Dat eent, dat sinn d'Quotes-parts, déi Lëtze-buerg an de Fong muss bezuelen. Mir hunn dat och an der Kommissioun diskutéiert. An de Rapporteur huet och dat hei opgezielt, nämlech, datt Lëtzebuerg, wann een dat a Pro-zenter kuckt, mat 0,277% dorunner partici-péiert.

Ënner Prozenter stellt ee sech doranner net esou genau an esou viles vir. Mä wann een dat